

wéi se dat nach e Méindeg ge-  
maach hunn. Wéi gesot, dat ass  
nach net ofgeschloss, dat geet bis  
den 10. Dezember. Mir wäerten  
och nach eng ganz Partie vu  
Consultatiounen maachen, mä ech  
mengen dass et heiandso besser  
ass e Kompromëss ze maachen  
dee gutt ass amplaz einfach herno  
nëmmen de Kapp an de Sand ze  
stiechen an ze soen: „Herno mus-  
sen sech anerer drëm bekëmmen.“

Mä eis ass et wichteg gewiescht -  
dat wou ech jo virgëschter en Inter-  
mezzo hat, dass mer et hei net  
esou maachen, dass d'Grenzgän-  
ger bei eis kënnen kommen, a mir  
huelen se hei an eisen héije Chô-  
mage, an da gi se esou vill Joer  
nach méi laang eriwwer -, de So-  
zialtourismus ze verhënnern. Ech  
menge mat deene Virschléi déi elo  
virleien, een, zwee, dräi packe mer  
dat. Op där anerer Säit mussen mer  
awer och wëssen, dass mer net  
einfach kënnen esou maache wéi  
wann déi Leit hei géife schaffen an  
duerno hätte mer näischt méi mat  
hinnen ze dinne. Do sinn eis Argu-  
menter op europäeschem Plang  
net ganz grouss.

Dann zu de Punkten „maintien de  
l'emploi“, „loi sur licenciement col-  
lectif“ an innovativ Aarbechtszäit-  
modeller soen ech an engem Saz,  
well ech mierken, dass ech awer  
schonn iwwert der Zäit sinn, dass  
mer do mat de Sozialpartner Ge-  
spräicher...

**M. le Président.** - Här Minis-  
ter, Dir sidd net iwwert der Zäit. Dir  
sidd genau an Ärem Délai dran.

**M. François Biltgen, *Minis-  
tre du Travail et de l'Emploi.*** - Ah,  
ech hunn 20 Minuten, ech hat ge-  
lies ech hätt zéng Minuten. Gutt.

Dat si schwierig Verhandlungen,  
déi mer virun allem mam Patronat  
féieren. Well d'Patronat seet, och  
net ganz zu Onrecht, Dir dierft net  
nëmmen Hëllef maache fir krank  
Betriber um Liewen ze halen, also  
iwwerleet lech gutt wat Der  
maacht. Et ass elo esou, dass mer  
zwar accordéiert hunn, dass d'So-  
zialpartner, d'Gewerkschaften an  
d'Patronat ënnert sech zesumme-  
kommen, de Pabeier mat villen Id-  
dien, déi mir aus dem Ministère  
hinne mat op de Wee ginn hunn,  
analyséieren an dann an enger  
Partie Wochen erëm zrëck bei  
mech kommen.

Ech bleiwen och wéi Dir der Mee-  
nung, dass et elo haaptsächlech  
wichtig ass, dass manner Leit hir  
Schaff verléieren, vu dass et méi  
schwierig ass erëm Leit op eng  
Schaff ze kréien, well der awer  
manner geschaf ginn. An an deem  
Sënn si mer och der Meinung  
dass een, wann ee restrukturéiere  
muss - an dat muss een -, Modeller  
favoriséiere soll, déi méi intelligent  
si wéi just Entloossungen. Entloos-  
sung gefalen de Leit oft ganz gutt,  
well se déck Ofgangsentschädi-  
gung kréien. De Problem ass - an  
et leeft ganz vill esou -, domadder  
hu se nach keng Schaff. Da geet et  
hinnen eng Zäitche gutt an duerno  
kommen se sech dann eréischt vill  
méi spët bei eis aschreiwen. Dann  
hu se eng ganz Zäit vun deenen  
Ofgangsentschädigung gelieft,  
da vum Chômage an dann ass hir  
Fäegkeet, erëm e Patron ze fan-  
nen, och erofgaangen.

Mir wäeren also méi frou wann ee  
géif kucke fir de Leit Formatiounen  
unzebidden, eventuell - an et gi  
scho Betriber déi dat versicht hunn  
- kuerzfristeg eng Aarbechtszäit-  
verkierzung ze maachen. An deem  
Punkt kann d'Aarbechtszäitverkier-  
zung effektiv eng Roll spillen, fir  
eben iwwert dee Wee ze verhënnern,  
dass Leit ofgebaut ginn. Dat  
wäer volkswirtschaftlech op alle Fall  
méi effikass. Mä wéi gesot, ech  
wëll do net de Sozialpartner eppes  
imposéiere wa se net wëlle mat-  
maachen. Mir kënnen an eisem  
Gesetz Hëllefsmëttel schafen, mä  
wann d'Sozialpartner déi net wël-  
len, oder ee vun de Sozialpartner  
se net wëllt, dann notzen se  
näischt an da si mer do vir bai an  
hanne widder.

Bei der Aide à la création d'entre-  
prise ass et effektiv esou, dass bei  
eis wéineg Chômeure kommen an  
hir Hëllef beaspruche fir en neie  
Betrib ze schafen, well, an dat ass  
richteg wat hei gesot gouf, mer  
ganz restriktiv sinn. Mir hunn dofir  
schonn am leschte PAN mat de So-  
zialpartner veraccordéiert, dass  
mer dat géife verbessern. Dat  
wäert dann och an deem neie Ge-  
setz, un deem mer schaffen, zum  
Droe kommen. Do wëlle mer da  
wirklech de Leit méi Hëllef ginn  
an net nëmme soen, et sinn déi déi  
schwierig ze placéiere sinn, déi  
Hëllef kréie fir en eegene Betrib  
ze maachen.

Ech wëll awer heizou soen, dass  
dat och keng einfach Diskussioun  
mat de Sozialpartner war, an dass  
d'Patronat och do net zu Onrecht  
gesot huet: „Passt op wat Der  
maacht. Gitt net op den däitsche  
Wee“, well am Ausland gött ganz  
oft versicht d'Aarbechtslosegkeet  
ze bekämpfen andeems d'Leit an  
d'Onofhängegkeet geschéckt  
ginn. A vun der Onofhängegkeet  
falen se an d'Faillite. Dann hu mer  
se net méi an den Aarbechtslosen-  
zeulen, mä de Leit geet et dofir  
awer net onbedéngt besser. Dat  
heescht, mir wëllen dat schonn  
esou konditionéieren - an dofir ass  
dat net esou einfach ëmzesetzen -,  
dass dat awer en uerdentleche Be-  
tribsprojekt ass, dass d'Leit begleet  
ginn, dass dee Betrib, dee se wëlle  
grënnen, och Iwwerliewenschan-  
cen huet an dass se net elo ein-  
fach Sue kréie fir e Betrib ze ma-  
chen a sechs Méint drop leien se  
an der Faillite an dann hu se werk-  
lech guer näischt méi, well dann hu  
se och keen Urecht méi op de Chô-  
mage.

Dann d'Téléarbecht an d'Deel-  
zäitaarbecht, do sinn effektiv d'So-  
zialpartner amgaang eppes ausze-  
handelen. Si si scho relativ wäit  
komm. Et ass evident, ech widder-  
huelen dat, wann d'Sozialpartner  
net méi géifen eens ginn, da misst  
de Législateur seng Verantwortung  
iwwerhuelen. Mä zurzäit hunn d'So-  
zialpartner mech gemeinsam ge-  
bieden do näischt ze maachen op  
deene Sujeten, well si déi ausdis-  
kutéieren.

E Punkt vum Gesetz wat effektiv  
onglécklech Chômage social  
heescht - ech hunn och dofir déci-  
déiert, dass ech dat géif ëmdeefen  
an et Chômage pour la réalisation  
du plein emploi nennen - ass e Ge-  
setz wat wichtig ass a wou ech  
wirklech géif warne virun deene  
Fuerderungen ech misst et zrëck-  
zéien. Well wann dat Gesetz zrëck-  
gezu gött, da soen ech lech, dass  
dat eng grouss Gefor ass fir iwwer-  
haupt déi Beschäftigungsinitiativen  
déi mer elo hunn, wou mer elo  
schonn einfach net déi Base légale  
hunn, fir dass déi kënnen fonction-  
néieren. Ech hu vill Problemer mat  
de Contrôleur-financieren dowéinst  
an esou weider.

Ech weess dass och ganz vill, ech  
wëll net soen Oprou, mä awer  
Beängschigung ass bei deene  
Beschäftigungsinitiativen, well mer  
net nëmmen eng Base légale  
schafen, well mer net nëmmen  
d'Méiglechkeeten ausweite fir déi  
Beschäftigungsinitiativen, well mer  
op där anerer Säit awer och kucke  
fir Mechanismen anzeféiere fir méi  
sozial Effikassitéit respektiv méi fi-  
nanziell Transparenz. Ech mengen,  
dass dat richtig ass. Ech soen ëm-  
mer, dass een nach kann doriwwer  
diskutéieren, ech diskutéieren iwwer  
all Gesetzer, mä ech mengen,  
dass et awer wichtig ass, dass  
mer déi véier Punkten duerchféie-  
ren: d'Base légale, d'Ausweitung  
vun de Méiglechkeeten, awer och  
d'Efficacité sociale an d'Transpa-  
rence financière. Ech mengen, wa  
mer esou e Gesetz hei gestëmmt  
hätten, dann ass och déi Diskus-  
sioun vun där vermeintlecher  
Concurrence déloyale eriwwer.

Dofir géif ech lech wirklech bie-  
den, fir elo net hei nëmme weinst  
där enger oder anerer Lobby ze  
soen: „Mir wëllen net iwwert d'Ge-  
setz diskutéieren“, mä d'Gesetz  
duerchzehuelen, an do wou et

muss verbessert ginn, sinn ech be-  
reet et mat lech ze verbessern.  
Ech wëll dozou soen, dass mer zu  
Lëtzebuerg wéineg Laangzäitaar-  
bechtslosegkeet hunn. Am August  
sinn dat 1.766 Leit gewiescht, dat  
sinn der manner wéi e Véirel vun  
deene Leit déi ageschriwwen sinn,  
dat ass bai wäitem den niddreg-  
sten Taux an Europa. Mä dat sinn  
awer déi Leit, deenen een da  
muss, wa se net méi op eng éischt  
Aarbechtsplaz zrëckkommen, eng  
Beschäftigung ubidden. An dat  
kann ee stigmatiséieren nennen, et  
kann een et nenne wéi ee wëllt, mä  
ech hu léiwer mir bidden deene  
Leit eppes u wéi mir soen, mir stig-  
matiséieren se net, an dofir leien se  
an engem Lach.

Néngtens, Orientatioun an Ëm-  
schoulung, dat si Fuerderungen  
hei gewiescht, fir déi Zäit, wou ee  
muss bei der ADEM ageschriwwen  
sinn, erofzesetzen. Do si mer och  
amgaang eis op deem engen oder  
anere Punkt verschidde Saachen  
ze iwwerleeën.

Op d'Faillite wëll ech elo net weider  
agoen. Ech mengen doriwwer gouf  
genuch gesot.

Ech wëll eppes iwwert den Ap-  
prentissage soen. Et ass net esou,  
Här Lux, dass net genuch Léierpla-  
ze géifen ugebuede ginn. Bien au  
contraire, et ginn eng ganz Partie  
Plaze wou mer näischt fannen.  
Wou fanne mer net genuch oppe  
Plazen? Dat ass beim CCM a beim  
CITP. Mä bei de Léierstelle selwer,  
do sinn der ganz vill déi net besat  
ginn, an dat ass virun allem am  
Horesca-Beräich an am Bâtiment  
de Fall. Also do feelen eis werk-  
lech Leit, an dofir hu jo och d'Anne  
Brasseur an ech eng Etüd gemein-  
sam maache gelooss vun der  
OCDE fir ze kucke wéi mer d'Orien-  
téierung, d'schoulesch an d'Be-  
ruffsorientéierung, kënnen verbes-  
sere fir einfach eis Kanner besser  
dohinner kënnen ze drainéieren.

Et gi Plaze wou der net genuch do  
sinn. Dat ass am Commerce. Dat  
ass manifestement e Problem. Mä  
do soen ech och, et ass och e Pro-  
blem vun Orientéierung. Ech  
weess net ob et gutt ass wa mer all  
eis Kanner nëmmen an de Com-  
merce orientéieren, well dat besser  
kléngt. Et wäer besser mir géifen se  
méi op d'technesch Beruffer orien-  
téieren.

An da kommen ech erëm zrëck op  
dat wat Der gefrot hutt, de Bilan -  
deen ech awer net ganz haut ka  
maachen - vum Gesetz vun 1999  
iwwert d'Formation professionnelle  
continue. Dat ass den Apprentis-  
sage des adultes, dat ass e ganz  
grousse Succès. Eleng 2003 hu  
mer elo 793 Leit déi am Apprentis-  
sage des adultes sinn. Do gesitt  
Der also dass Plazen op stinn an  
dass mer och do Demandeuren hu  
fir dran ze goen, esou dass een dat  
vum Apprentissage muss e bësse  
méi nuancéiere wat do d'Proble-  
mer sinn.

Da kann ech lech soen, dass mer  
amgaang sinn - an et ass d'Ma-  
dame Brasseur déi do federfüh-  
rend ass, mä mir hëllefen do mat  
wou mir concernéiert sinn -, deen  
Accord tëschent de Sozialpartner  
iwwert den Accès individuel à la  
formation professionnelle continue  
a Gesetzesform ëmzeschreiwen.  
Crèches, dat ass e Programm  
deen och leeft bei der Madame  
Jacobs. Egalité des chances och,  
ech ginn elo wirklech net drop an.  
Déi lescht Pist war dat vun der Aar-  
bechtswelt a vum Aarbechtsrecht.

Ech soen lech och, dass et richtig  
ass, dass dat zum Deel eng Illu-  
sioun ass, ech zitéieren hei aus  
dem Trierischer Volksfreund, wat  
den Här Gerster seet, den Direkter  
vum däitschen Arbeitsamt:  
„Gerster führt den starken Rück-  
gang der Erwerbslosigkeit im Sep-  
tember auf die Neuausrichtung der  
Arbeitsmarktpolitik zurück. Eine

größere Zahl von Vermittlern erlau-  
be eine genauere Überprüfung der  
Arbeitslosen. Stellenlosen, die dem  
Arbeitsmarkt nicht mehr zur Verfü-  
gung stünden, drohten beispills-  
weise Sperrzeiten.“ Et kann ee  
wuel seng Chômagezuele ganz  
licht erofsetzen, andeem ee kuckt,  
dass een de Regëster botzt, mä  
domadder huet een awer de Chô-  
mage net behewen.

Et ass richtig, dass an enger glo-  
baliséierter Welt, an enger oppener  
Ekonomie, de Chômage eng Fatali-  
téit ass an een net maache kann,  
wéi wann et de Chômage net géif  
ginn, oder wann een e kéint mat  
einfachen Allheilmëttelen ausmer-  
zen. De Chômage dierf awer net  
fatal gi fir déi Leit, déi drënner fa-  
len. Deene mussen mer hëllefen, an  
dat si mer amgaang ze maachen.

Ech soen lech merci fir Är kons-  
truktiv Beiträg.

**M. le Président.** - Domadder  
wäer d'Diskussioun ofgeschloss a  
mir kommen zum nächste Punkt  
vun eisem Ordre du jour, d'Diskus-  
sioun vum Projet de loi 5188. Et  
sinn ageschriwwen: d'Häre Fayot  
an Urbany. D'Wuert huet de Rap-  
porteur vum Projet de loi, den ho-  
norabelen Här Emile Calmes.

### 3. 5188- Projet de loi portant approbation de l'Accord euro-méditerranéen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs Etat membres, d'une part, et la République arabe d'Egypte, d'autre part, ainsi que de l'Acte final y afférent, signés à Luxembourg, le 25 juin 2001

#### **Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense**

**M. Emile Calmes (DP), rap-  
porteur.** - Här President, Dir Dam-  
men an Dir Hären, dese Projet de  
loi gesäit engersäits d'Approba-  
tioun vir vun dem Accord euro-mé-  
diterranéen, deen a sech eng As-  
sociatioun zwëschent den eu-  
ropäesche Communautéiten an hi-  
re Memberstaten an der Arabe-  
scher Republik vun Ägypten er-  
stellt, wéi och vum betreffenden  
Acte final, deen zu Lëtzebuerg de  
25. Juni 2001 ënnerschriwwen ginn  
ass.

Dese Gesetzesprojekt ass den 29.  
Juli vun deem Joer déposéiert  
ginn. De 7. Oktober huet de Stats-  
rot säin Avis dozou ginn an de 16.  
Oktober ass de Rapport gestëmmt  
ginn.

Dësen Accord reit sech an de Ka-  
der vu méi Accorden an, déi am  
Rumm vun engem Partenariat eu-  
ro-méditerranéen geholl gi sinn  
1995 zu Barcelona, an dat zwë-  
schent de 15 EU-Staten an 12 Mët-  
telmierpartenairen. Véier där Ac-  
corde si schonn hei an der Cham-  
ber ratifizéiert ginn, an zwar déi  
mat Israel, Tunesien, Marokko a  
viru kuerzem Jordanien.

D'Accorde mat deene Länner, déi  
nach verbleiwen: Algerien, de Li-  
banon an déi palästinensesch Ter-  
ritoiren, sinn ënnerschriwwen. Et  
bleift nach een ze ënnerschreiwen,  
an zwar dee mat Syrien. Déi Accor-  
de mat Zypern, Malta an der Türkei  
bleiwe bestoen. Si ware sengerzäit  
gemaach ginn am Sënn vun enger  
Adhésioun, respektiv enger Préad-  
hésioun vun deene Länner an  
d'Europäesch Gemeinschaft.

De Projet de loi säitens den Ägyp-  
ter ass am Februar vun deem Joer  
an d'ägyptescht Parlament komm.  
Wéi et do ausgaangen ass, hunn  
ech awer bis ewell net erausfonnt.

Et muss een ënnersträichen, dass  
wann déi Accorde vun de 15 EU-  
Länner ratifizéiert gi sinn, déi zum  
Acquis communautaire gehéieren.  
Sollt dat net de Fall sinn, mussen  
och nach déi aner zéng zousätz-

lech Länner duerno déi Accorde  
ratifizéieren.

Vun all deenen Accorde mat de  
Länner aus dem Mëttelmierraum  
ass dee mat Ägypten natierlech  
dee wichtigsten, well Ägypten den  
éischten Handelspartner aus deser  
europäescher Region fir d'Euro-  
päesch Union ass. 48% vun  
deene 14 Milliarden Importer an  
Ägypten era gi vun der Europäes-  
cher Gemeinschaft getätigt. 46%  
vun deene 5 Milliarden Exporter,  
déi aus Ägypten erausginn, gi vun  
der Europäescher Gemeinschaft  
opgeho. An deem Kader spillt Lët-  
zebuerg natierlech absolut keng  
Roll. Mir hunn an deene leschte  
Joren ongeféier tëschent 200 an  
300 Milliounen Euro Exporter getä-  
tigt. Dat ass biergop, biergof  
gaangen. D'Importer aus Ägypten  
a Lëtzebuerg era spillen a sech  
keng Roll.

Ech wollt nach kuerz op d'Loft-  
fahrtkommis hiweisen aus dem  
Joer 1967, dat haut, bedéngt  
duerch den Tourismus, scho seng  
Wichtigkeit huet, Tourismus, dee  
sech an Ägypten breet gemaach  
huet an e wichtige Wirtschafts-  
zweig fir dat Land ass.

Well Ägypten e wichtige Hand-  
elspartner vun der Europäescher  
Union ass, ass et och normal,  
dass Ägypten deen éischte Bénéfi-  
ciaire war vun deem éischte  
MEDA-Finanzprogramm, deen am  
Kader vun dese Partenariater zu  
Stane komm war a wou virgesi war  
fir Ägypten 698 Milliounen Euro  
zoukommen ze loossen. Dat war  
ongeféier ee Véirel vun all deene  
Gelder, déi am Kader vun dese  
Partenariater ausbezuelt si ginn.  
Wann déi Gelder och gréissten-  
deels engagéiert gi waren, ass et  
awer bedauerlech, dass nëmmen  
22% vun deene Gelder débourséiert  
konnte ginn. Doru sinn d'Ägyp-  
ter esou vill schold wéi och  
d'Europäesch Union, an dat ein-  
fach duerch d'Gérance vun deene  
Projete bei hinne selwer an ane-  
rersäits duerch déi komplizéiert  
Prozeduren op der Säit vun der Eu-  
ropäescher Union.

Et muss een och ënnersträichen,  
dass dat net nëmme fir den Accord  
mat Ägypten géllt, mä dat géllt och  
fir déi aner Accorden. Wou am  
meeschte konnt débourséiert ginn,  
dat war an de palästinenscheschen  
Territoiren, respektiv och fir Jor-  
danien, wou een no un 48% erukënt  
vun deem, wat engagéiert gi war.

Déi Accorde begleeden natierlech  
och en zweete Finanzprogramm,  
de MEDA II, dee 5,35 Milliarde Gel-  
der virgesäit un Direkthëllef, an e  
7,4 Milliarde Prêt säitens der  
Banque européenne d'Investisse-  
ment, dee geduecht ass fir grouss  
Infrastrukturprojeten an deene Län-  
ner ze ënnerstëtzen. Dësen zweete  
MEDA-Finanzprogramm leeft fir  
d'Joren 2002 bis 2004 a gesäit fir  
Ägypten 351 Milliounen Euro vir.  
Dat ass no ënnen adaptéiert ginn.

De Gros vun deenen Hëllef geet  
an den Textilberäich, fir dee fit ze  
maachen en vue vun enger Ouver-  
ture de marché vun den Textilien  
weltwäit, a fir Ägypten ze hëllefen  
sech ze préparéiere vis-à-vis vun  
der asiatescher Konkurrenz, déi do  
kënt. Et ass en Textilberäich, dee  
sech an de Secteur vun de Kleng-  
a Mëttelbetriber areit an an Ägyp-  
ten 75% vun der Valeur ajoutée  
schafft, dat an engem Land, wou  
de Bevölkerungszouwuess 2,1%  
ass. Dat Land wäert am Joer 2030  
90 Milliounen Leit zielen.

Ech wëll just drop hiweisen, well  
mer haut de Mëtteg hei vum Emploi  
geschwat hunn, dass all Joer  
700.000 Leit an Ägypten op den  
Aarbechtsmaart kommen, awer et  
ginn nëmme 450.000 nei Aar-  
bechtsplaze geschafen, esou dass  
de Chômage, deen haut bei 8%  
läit, riskéiert an Zukunft staark  
eropzeien. Dat huet sech selbst-  
verständlech net nëmme Konse-  
quenze fir dat Land do, mä och  
Konsequenze fir eis, well dat be-  
déngt, dass doduerch d'Zuel vun  
de Wirtschaftsflüchtlingen eben-  
falls eropgeet.



Iwwregens ass an deem Accord, am Artikel 68, eng Clause de réadmission virgesinn, déi ee vun de Sträitpunkte war. Niewent dem wirtschaftlechen a finanzielle Volet vun deem Accord, déi jo haaptsächlech geduecht si fir eng Fräihandelszon an deem Raum ze schafen am Respekt vun den OMC-Regelen, gesäit en awer och ee politesche Volet vir, wéi och e Sécherheetsvolet. Dat ass iwwregens de Grond, firwat dass den Accord vun den eenzelnen europäesche Länner muss ënnerschréiwwe ginn. E gesäit och e soziale Volet vir, e kulturelle Volet an en humanitären.

Wann och net alles am Kader vun deem Partenariat esou leeft wéi dat soll lafen, ass dat bedéngt duerch eng Partie Réckschlei, déi den Accord an de leschte Joren erlieft huet op Grond vun der palästinensescher Fro, wéinst dem 11. September, an awer och duerch den Irakkrich.

Ech mengen, et ass wichteg, dass mer d'Relatiounen mat deene Länner, virun allem awer mat Ägypten, virundreiwen, well dat bedeit fir eis e risegen Entwécklungspotenzial op där enger Säit, an op där anerer Säit huet Ägypten och eng fundamental geopolitesch Wichtegkeet. Ägypten wäert eng entscheidend Roll spillen an der Evolutioun vun deser Regioun.

An deem Sënn wollt ech lech invitéieren deem Gesetz Ären Accord ze ginn. Ech bréngen d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. Merci.

**M. le Président.**- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech hunn deem, wat den Här Calmes mat grousser Wëssenschaft hei virgedroen huet, näischt bäizefügen. Ech wëll just zwou Saachen zu deem Accord soen.

Mir si jo hei an enger Konsequenz vum sou genannte Prozess vu Barcelona, deem 1995 ugefaangen huet an deen eigentlech sollt d'Länner ronderëm d'Méditerranée mat Europa zesummebréngen. Wéi wichteg dass déi Influenz vun der Europäescher Unioun an deene Géigende ka si weist dat rezent Agräife vun dräi grouse Länner aus der Europäescher Unioun am Konflikt ëm d'Atomkraaft am Iran, wou Europa als Friddensstëfter, als besänftegend Puissance am Fong geholl vis-à-vis vum Iran virgaangen ass.

Ech mengen also, dass et äusserst wichteg ass, dass esou Accorde stattfannen, mat all deene Voleten, déi den Här Calmes duergeluecht huet. Ech wëll awer just nach drop hiweisen, dass och an dem Accord mat Ägypten a mat all deene Länner e Volet Mënscherecht ass.

Ech menge schonn, dass et wichteg wär, dass och bei de Gespréicher, déi d'Madame Ausseminister bei hirer Visite an Ägypten huet, esou e Volet ugeschwat gëtt, dass et also net nëmmen ëm wirtschaftlech oder politesch Kollaboratioun geet, mä dass et och drëm geet, fir an deene Länner eng demokratiséierend Influenz ze kréien, fir d'Mënscherechter ze entwéckelen. An deem Sënn géif ech och den Accord vun onser Fraktioun zu deem Accord bréngen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Merci, Här President. Ech wëll deenen zwee Intervenanten, a ganz besonnesch natierlech dem Rapporteur, merci soe fir dee ganz ausféierleche Bericht an awer och fir d'Ënnerstëtzung, déi den Här Fayot elo just bruecht huet. Si hunn deen essentiell Volet vun deem, ëm wat et hei geet, ganz kloer duergeluecht. Et geet drëm, en Accord mat Ägypten,

deen awer um europäesche Plang ausgehandelt ginn ass, hei vun dem Lëtzebuerger Parlament ze ratifizéieren, fir datt e kann a Kraaft trieden.

Et ass e wichtege Rapport, well en eis ebe just déi Instrumenter gëtt fir eben net nëmmen um wirtschaftleche Plang, mä och um politeschen an um kulturelle Plang hei ze intervenéieren.

Datt ons ekonomesch Relatiounen mat Ägypten wierklech verschwindend kleng sinn, dat huet den Här Calmes scho gesot. Par contre ass d'Europäesch Unioun awer e ganz wichtege wirtschaftleche Partner vun Ägypten. 38% vun den Exportatiounen vun Ägypten kommen an d'Europäesch Unioun a 36% vun hiren Importatiounen kommen och aus der Europäescher Unioun, dofir dee groussen Intérêt vun Ägypten fir eben dee Partenariat hei och anzegoen an deen Accord hei ze maachen.

Mä den Här Fayot huet drop higewisen an zu Recht: Dee politesche Volet ass fir eis awer och ganz wichteg, well mir wëssen, datt do an deene leschten, a besonnesch am leschte Joer zwar eng ganz Rei Effortë gemaach gi sinn, fir d'Situatioun vun de Mënscherechter ze verbesseren - ech kéint lech der eng ganz Rei opzielen, wou besonnesch zum Beispill de Judiciaire eben d'Recht krut och d'Wahlen ze kontrolléieren, wou en nationale Conseil agesat ginn ass fir d'Rechter vun de Fraen, wou de Kanner hir Rechter besser ofgeséichert gi sinn, wou d'forcéiert Aarbecht ofgeschaf ginn ass, nëmmen eleng fir e puer Saachen ze nennen, déi d'lescht Joer am Juni gestëmmt gi sinn -, mä mir wëssen niewendrun awer och nach, datt et eng ganz Rei Punkte gëtt, déi manner positiv sinn.

Et gëtt nach ëmmer eben d'Doudesstrof. Et gëtt och nach ëmmer duerch den Ausnahmestat, an deem Ägypten zënter 1952 mat enger Ausnahm vun 18 Méint ass, d'Méiglechkeet fir d'Police arbiträr Leit anzesetzen.

Dat sinn alles Situatiounen, déi am Kader vum politeschen Dialog mat hinne beschwat ginn a wou ech och bei menger Rees an der zweeter Woch vum November an Ägypten wäert mat mengem Kolleeg Ausseminister doriwwer schwätzen. Mä hie ganz besonnesch huet ganz vill Mériter fir ze versichen d'Situatioun an en anere Kader ze bréngen, an dofir sinn ech wierklech frou fir kënnen dohinner ze goen andeem ech hie kann assureéieren, datt eben d'Lëtzebuerger Parlament deen Accord hei ratifizéiert huet. Ech mengen, dat ass dee beschte Bewäis vu Vertrauensbasis, dee mir kënnen ginn, an och eng Basis, op där nach besser Relatiounen opzebaue sinn, well mir wëssen, datt dee politesche Facteur, deen Ägypten an där ganzer Regioun duerstellt, net ze ënnerschatzen ass. Mä ech mengen, dat ass all de Kolleegen heibanne bekannt an och déi Regioun wëlle mer duerch den Accord hei ënnerstëtzen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5188 a stëmmen driwwer of.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojekt.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Théo Stendebach), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

An da komme mer zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung, do steet d'Demande fir eng Mandatserneuerung fir zwee Conseillere aus der Cour des Comptes.

### 4. Renouvellement du mandat de deux conseillers à la Cour des comptes

D'Demande fir d'Mandatserneuerung vun den Häre Frank Reimen a Marc Gengler ass un d'Deputéierte verdeelt ginn. D'Ofstëmmung ass geheim. Et gëtt och net par procuration gestëmmt. Mir stëmmen iwwer béid Mandatserneuerungen eenzel of.

Fir d'éischt d'Mandatserneuerung vum Här Frank Reimen. Deelt wann ech glift d'Ziedelen aus. Mir maache keen Appel nominal. D'Jonge komme mat der Urn laanscht; geheit da wann ech gelift Är Ziedelen dran.

#### Vote

D'Resultat ass folgend: Den Här Frank Reimen ass gewielt mat 50 Jo-Stëmmen. Et ass eng Abstentoun an ee blanken Ziedel derbäi. Also ass dem Här Frank Reimen säi Mandat als Conseiller an der Cour des comptes verlängert.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Mandatserneuerung vum Här Marc Gengler. Deelt wann ech glift d'Ziedelen aus.

#### Vote

Dem Här Marc Gengler säi Mandat ass erneiert ginn. Den Här Marc Gengler huet 49 Jo-Stëmmen an eng Nee-Stëmm, bei enger Abstentoun an engem wäissen Ziedel. Domadder ass den Här Marc Gengler och als Conseiller vun der Cour des comptes bestätegt ginn.

Da könnte mer dee Punkt ofschléissen a mat eiem Ordre du jour weiderfuere. Esou wéi d'Chamber dee leschten Donneschdeg beschloss hat, komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen, déi während dem Här Jean Colombero senger Interpellatioun fir d'Bekämpfung vun de

Kribskrankheeten déposéiert goufen.

### 5. Interpellation de M. Jean Colombero sur la lutte contre le cancer (suite)

Ech mengen d'Motiounen huet jiddferee virleien, déi sinn ausgedeelt ginn. Den Här Colombero freet d'Wuert.

**Une voix.**- Wa mer d'leschte Kéier ofgestëmmt hätten, da wär d'Affär eriwwer.

**M. Jean Colombero (ADR), interpellateur.**- Här President, wann Dir mer erlaabt, da wäert ech her- no no all Motioun vläicht d'Wuert ergräifen, awer och elo am Ufank.

Ech hat d'lescht Woch eng Interpellatioun ugefrot fir gemeinsam géint de Kribs unzegoen. Ech hat a menger Interpellatioun gesot, dass mer net no der Faarf misste kucken, ob mer blo wieren, schwartz, rout, gréng oder vum ADR; mir missten zesumme géint de Kribs virgoen. Dofir war ech traureg, wéi den Här Rippinger d'leschte Kéier gesot huet, dass hien nëmme géif eng vun deenen eelef Motiounen unhuelen.

#### (Interruption)

Merci, Här Rippinger. Ech hat gehofft am Stillen, datt den Här Rippinger géif seng Fraktioun vum Parteizwang entbannen, sou wéi en dat déi leschte Kéier gemaach huet bei der Euthanasie, réckwierkend muss ech him do félicitéieren, dass hien dat gemaach huet. Ech hat also, wéi gesot, gehofft, dass hien dat haut géif maachen, well déi Motiounen hei, déi si ganz gentil, déi si ganz brav, déi si ganz anstänneg, déi froen net vill, déi kënnen nëmme Liewe retten a vläicht kënnen mer mat dese Motiounen, wa mer déi unhuelen, iergendee Kolleeg, iergendee Frënd, iergendee vun eiser Familljen domadder retten.

An dofir appelléieren ech nach eng Kéier un d'Gewësse vun allegueren den Deputéierten hei an och un d'Fraktiounspräsidenten. Wann ech glift, entbannt allegueren Är Membere vum Fraktiounszwang.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss dem Här Colombero soen, dass et bei eis bei dese Motiounen natierlech kee Fraktiounszwang gëtt. Also fir esou eppes ze behaapten, mengen ech, geet een dat wäit sichen. Mir hu jo awer och zwee Doktere bei eis an der Fraktioun an ech hat schonn déi leschte Kéier gesot, wat d'Positioun vum zoustännegge Minister zu deene Motiounen ass, dat heescht mir si bereet d'Motioun 1 unzehuelen.

Bei der Motioun 6, wou dra steet am Dispositif: „invite le Gouvernement à étendre le groupe cible du programme mammographie au groupe d'âge des 40 à 49 ans“, do proposéiere mir - ech si jo kee Spezialist wat d'Mammographie ubelaangt, mä do gëtt notament gesot vun Expären, dass dat contestabel wär - fir ze soen: „invite le Gouvernement à faire étudier en vue d'étendre le groupe cible du programme mammographie au groupe d'âge des 40 à 49 ans“. Et soll een dat studéieren.

Mir haten, wat d'Motioun 12 ubelaangt, den Accord vum Här Huss, fir de leschten Tiert vun dem Dispositif ewech ze loossen. Mir stëmmen natierlech elo déi Motioun 12, well de Minister jo och gesot huet, e géing en Deel vun deem, wat an där Motioun steet, mat an d'Gesetz iwwert d'Palliativmedezin eran huelen.

**M. le Président.**- Mir kommen zur Ofstëmmung vun de Motiounen.

#### Motion 1

Bei der Motioun 1 kënnen mer e Vote par main levée maachen, vu dass jiddferee sech mat där Motioun d'accord erkläert huet.

#### Vote

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Bei enger Géigestëmm ass d'Motioun 1 mehrheetlech ugehall.

Mer kommen zur Motioun 2.

#### Motion 2

Kënnen mer och do par main levée ofstëmmen? D'Motioun ass schonn explizéiert ginn. Et weess jiddfereen ëm wat et geet. Dir hutt d'Motioun schréfflech virleien.

De Vote électronique ass verlaangt.

#### Vote

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 32 Nee-, 7 Jo-Stëmmen an 18 Abstentounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

#### Motion 3

Mer kommen un d'Motioun 3. Och hei ass de Vote électronique gefrot.

#### Vote

Déi fir d'Motioun 3 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun 3 ass verworf mat 34 Nee- géint 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*